

Aktuell Thematik aus de Vue vum AVR

AVR ass do fir all Implizéiert vun engem Accident ! Onofhängeg vun engem physeschen oder psycheschem Schued. Famill oder aner Concernéierter, Police, CGDIS, Zeien oder all aneren indirekt Concernéierte kann an dierf d'Servicer vum AVR an Usproch huelen.

An deem Zesammenhang jugéiere mir net de sougenannte "Schëllegen" um Accident, mee mir iwverloossen dat de Riichter. Wann et sech ëm e Recidivist handelt, si mir der Meenung, datt d'Stroofen déi vum Gericht verhaange ginn, ugepasst sollte sinn.

Wat dat schlëmmt Accident, mat leider déidleche Suiten, vum Patrick Hartert ugeet, dat de Moment an de Medien ass, wëlle mir ons positionéieren, an denken dobäi och un déi vill aner Leit déi änlech Situatiounen erlieft hunn

"4 Joer Prisong, dovunner 3,5 op Sursis fir schëllege Chauffeur", ~ laut RTL

Dat gött ons ze denken. Hei handelt et sech ëm e Recidivist fir deen Reegelen net ze gëlle schéngen. E Fiert ze séier an ouni Führerschäin.

"Er wurde nun zu einer Haftstrafe von vier Jahren - davon dreieinhalb auf Bewährung - und einem Fahrverbot von insgesamt acht Jahren verurteilt. Zusätzlich muss der Mann noch hohe Schadensersatzsummen an mehrere Parteien zahlen, dessen genauer Betrag zum Teil noch von Gutachtern ermittelt werden soll." ~ Esou steet et am Luxemburger Wort-

Wat de Fuerverbuert ugeet, sou sinn dat 30 Méint fest a während 66 Méint dierf hien op d'Schaff fueren. Elo gölft et awer ze bedenken datt deen Här jo scho Joëren ouni Führerschäin Auto fiert! Hie schéngt leider zu den Onbeléierbaren ze zielen.

Dofir froe mir ons op, well hei am Land keng Jurisprudenz gött, ee villäicht emol kéint kucke wéi et zum Beispill an den Nordesche Länner ausgesäit, wou d'Statistike vum Stroosseverkéier, vill besser ausgesinn, wéi hei. Et kéint een sech um Beispill u Schweden orientéieren, wat d'Sanctiounen ugeet.

An deem Zesammenhang freet den AVR schonn zanter Joëren d'Peine Pédagogique. Hei stéinge mir och zur Verfügung fir d'Ëmsetzen. An der Legislatioun kéint virgesi ginn datt den Ugekloten nieft anere Strofen, eng sozial Aarbecht am Behënnerteberäich, am Lien mam Accident (Rehazenter, Foyer fir Leit mat Behënnerung, a.s.w.) virgesinn. Dernieft kéint déi concernéiert Persoun och a Kontakt gesat ginn mat Leit déi den AVR reegelméisseg betreit.

<https://www.l lynx.fr/assurance-auto/sinistre/declaration/demarches-delaits/accident/reconstituer-accident-logiciel-internet/>

Och dat kéint eng Piste sinn an do géif et och bestëmmt Organisatiounen hei am Land déi hei bei de Ëmsetzung kéinten hëllefen.

Esouwuel d'Equipe um Terrain wéi d'Membere vum Verwaltungsrat, setzen sech och an Zukunft weiderhin an fir datt all Concernéiert vu Verkéiersaccidenter den néidege Respekt a Matgefill kréien, a Lëtzebuerg och am dësem Beräich seng eege Jurisprudenz kritt !